



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/01/2023

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landesplanung, Kultur & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Zu Rodange gëtt de Bau vun engem Jugend- a Familljenhotel geplangt. Dëse Projet stéisst op Widderstand vu Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng, well een hei no vun engem Natura2000-Gebitt wäert eng gréisser Fläch versigelen, op Käschte vun der Natur. D'Leit vun de Biergerinitiativen Doihl a Kordall proposéieren zwee alternativ Terrainen, wou esou ee Projet drop kéint gebaut kéint ginn, dorënner den Terrain vun der aler Trax (Kadasternummer 1419/6439 an déi ëmleidend Parzellen), wou ronn 3 Hektar kéinte fir esou een Hotel genotzt ginn a wou de Staat Proprietär ass. Dës Weidere sinn dës Terrainen am Flächennutzungsplang (PAG) vun der Gemeng als bebaubar Terraine klasséiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ee Ministère ass zoustänneg fir d'Kadasterparzellen 1419/6436, 1419/6437, 1419/6438, 1419/6439 a 1419/6440?
2. Wat plangt de Staat mat dësen Terrainen ze maachen?
  - Falls ee Projet do ass, wou ass dësen drun a bis wéini soll e fäerdeg gestallt ginn?
  - Falls nach kee Projet do ass: op wat gëtt gewaart?
3. Sinn d'Terraine kontaminéiert a missten se am Fall vun enger Bebauung sanéiert ginn?
4. Wéi steet et ëm d'Stabilitéit vun den Terraine fir de Bau vu gréissere Strukturen?
5. Gesinn d'Ministere Punkten, déi géint de Bau vun engem Hotel op dëser Plaz géife schwätzen?
6. Wäerten déi zoustänneg Ministèreen d'Gespréich mat de Bedeelegte sichen, fir ee Projet op dësem Site ze realiséieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Deputéierten

